N°4751
Entrée le 14.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.09.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, dass et bei der Steierverwaltung (ACD) zu engem Verloscht vun engem Dossier komm ass an dëst opgrond vun engem Hackerugrëff geschitt soll sinn. Donnéeën aus verschiddene Steierdossiere sollen dobäi geklaut gi sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, datt et bei der Steierverwaltung zu engem Impakt duerch een Hackerugrëff oder engem aneren IT-Sécherheetsincident komm ass?
    - Falls jo, ëm wéi eng Donnéeë goufe gehacked, wéi vill Persounen oder Betriber (Dossieren) si betraff a goufen déi betraffe Persounen doriwwer informéiert?
    - Falls jo, wat war de Grond vun der Sécherheetslück an ass dës mëttlerweil behuewen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés